



Sensibilité politique  
Boîte postale 83  
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 27/02/2019

Här President,

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.**

An den Äntwerten op d'parlamentaresch Froen 302, 303, 310 an 312 huet den Här Minister uginn, datt hien op d'SNCT keen Afloss hätt, well et sech em eng Gesellschaft op engem liberaliséierte Maart handele géif. Gläichzäiteg gehéieren dem Staat awer 75% vun der SNCA, där 100% vun der SNCT gehéieren. An ausserdeem gehéieren der SNCA och ~88% vun der SNCH (déi aner ~12% gehéieren dem Wirtschaftsministère).

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

- Confirméiert de Minister, datt de Staat als *bénéficiaire économique* vun den 3 Gesellschaften SNCA, SNCT an SNCH zeréckzebehalen ass?
- Wéi vill Administrateuren bei der SNCA si vum Staat genannt? Wéi vill Administrateuren huet d'SNCA am Ganzen?
- Wéi vill Administrateuren bei der SNCH si vum Staat genannt? Wéi vill Administrateuren huet d'SNCH am Ganzen?
- Wéi vill Administrateuren bei der SNCT sinn identesch mat Persounen, déi bei der SNCA oder der SNCH vum Staat genannt sinn? Wéi vill Administrateuren huet d'SNCT?
- Laut dem Bilan vun der SNCA sinn d'Indemnitäten vum Conseil d'Administration vun 29.757 € am Joer 2015 op 153.202,50 € am Joer 2017 gestiegen (e Plus vu 415%). Bei der SNCT sinn se vun 21.900 € am Joer 2016 op 50.000 € am Joer 2017 gewuess (e Plus vun 128%) an och bei der SNCH sinn se vu 27.900 € am Joer 2016 op 49.070 € am 2017 ugestige mat enger Hausse vun +76% also. Hunn déi vum Staat genannten Administrateuren eng Autorisatioun gehat, fir d'Indemnitäten an de Conseil'en eropzesetzen?
- Gouf zanter dësen Erhéijungen eng Entscheidung nom Gesetz vum 25. Juli 1990 getraff, déi festhält, datt déi vum Staat genannten Administrateuren dës Erhéijunge selwer behalen dierfen, oder goufen se un d'Staatskeess ofgefouert? Wéi vill gouf - opgeschlüsselt no Joer - vun dësen Administrateuren un d'Staatskeess ofgefouert?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven  
Député



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)